N°2460
Entrée le 28.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit Elisabeth MARGUE, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus Lex DELLES a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz Martine HANSEN op d'parlamentaresch Fro n° 2460 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.**

**1) Wäert déi lëtzebuergesche Regierung sech dofir asetzen, dass esou ee Spam-Warner zu Lëtzebuerg obligatoresch gëtt?**

Zu Lëtzebuerg ginn et haut schonn e puer Schutzmoossnamen géint dës Bedruchsversich. Zum Beispill solle lëtzebuergesch Festnetznummeren net aus dem Ausland op Lëtzebuerg uruffen, wat ënnerbënnt, dass lëtzebuergesch Festnetznummere fir de Spamming/Spoofing benotzt ginn. Nodeems dës Moossnam ëmgesat gouf, hu vill Cyberkrimineller effektiv ugefaangen, lëtzebuergesch mobil Nummeren ze benotzen. D'Operateuren hunn dofir och hei schonns Moossnamen en place gesat, fir do dergéint virzegoen, an den Institut luxembourgeois de régulation (ILR) schafft aktuell un engem Reglement, fir géint dëse Mëssbrauch virzegoen.

Een automatiséierte System fir d'Warnung géint Spam-Uruffer ass am Moment zu Lëtzebuerg nach net am Asaz. Fir datt esou e System effikass an deemno fir den Endbenotzer zouverlässeg funktionéiert, mussen dës Nummeren als Spam identifizéiert ginn an d'Datebank ëmmer aktualiséiert sinn. Dëst erfuedert eng komplex technesch Ëmsetzung, déi dee Moment och wierklech sécher muss funktionéieren. Dofir ass aktuell een obligatoreschen Asaz nach net geplangt.

Ganz besonnesch wichteg bleift allgemeng eng gutt Präventiounsaarbecht fir d'Endbenotzer, och am Fall vum Asaz vun esou engem System. Hei am Land sinn eng Rei Acteuren an dësem Beräich aktiv fir d'Ëffentlechkeet fir dës Problematik ze sensibiliséieren. D'Risiken, déi mat den Spam-Uriff zesummenhänken, sinn och Deel vun der neier grousser Sensibiliséierungscampagne www.cyberfraud.lu. Dës Campagne huet als Zil d'Informatiounen zu Bedruch am Internet fir d'Bierger einfach verfügbar ze maachen, andeems se kloer duerstellt, wien ze kontaktéieren ass, wéini a wéi. Als offiziell Plattform fir d'Präventioun géint online Fraude zu Lëtzebuerg gëtt www.cyberfraud.lu Websäiten, Kontaktpunkten a Prozedure jee no Aart vu Bedruch un a bitt praktesch Rotschléi fir sech géint Bedruchsversich ze schützen.

Ganz allgemeng sief nach drun erënnert, dass et iwwert de Code de la consommation verbueden ass, engem Konsument unzeruffen, wann deen net virdrun säin Accord dozou ginn huet.

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2025

Déi delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE